Den Donkelser Wollef

"De Pappa gung fort op de Maart,
Mai Kendchen, nu muss de mer schlofen.
Wat rubbelt am Haff un der Paart?
De Béisen, hei kennt en déch strofen!"
Un d'Fënsterche rëffelt de Baart
Séch den Donkelser Wollef. –

"De Wollef, kleng Mammi, as léif,
Dee kënnt nët, mat Rudden ze winne;
Ech schruf em dach d'lescht nach e Bréif,
E brëngt mer mai Kierfchen aus Schinnen;
Gutt Mammi, schneit déif an de Gréif
Fir den Donkelser Wollef."

De Schéifer vu Briecht, e koum hell
Duurch d'Bierger, méi flénk wei vill Jonger;
Fir Palfong dem Wollef säi Fell,
Deem leschten, an drënner säin Honger;
Bei d'Heiser mat mierdrësche Knäll
Gung den Donkelser Wollef.

Am Wollefspelz stouch him gewëss
En Hierz voller Guttheet, deem Lousen;
E lackelt, trotz groussem Gebëss,
All Kanner vu Baaschtneck bis Housen
Mat Kierwercher, Biren an Nëss
Em den Donkelser Wollef.

An d'Hausfra, si wëscht an den Eck,
Si kickelt mam Kolla a schnëppelt
En deftege Krack an de Speck;
A wéi en rëm weider dann trëppelt,
Do laacht an de Baart séch de Geck;
O du Donkelser Wollef!

Dir all och, déi jachtelt duurch d'Land
A mengt, et keim keen iech derhanner,
Ze lackle, geduckt hanner d'Wand,
Em anere leiden hir Kanner;
Getréischt iech, dir all sit bekannt
Wéi den Donkelser Wollef.

LUXEMBOURG
6F + 1F
CARITAS 1966
DEN DONKELZER WOLLEF